ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

> Lëtzebuerg gëtt aktuell mat engem net gekannten Ausmooss vu Gewalt an de Schoule konfrontéiert. Sënnbildlech duerfir steet de Phenomen vum sougenannten "Happy Slapping". Wéi an der Press ze liese war, krute verschidde vun dësen Täter och schonn e Schoulverweis, hunn awer wéinst der Schoulflicht duerno ëmmer nees an engem anere Lycée missen opgeholl ginn.
>
> Wat déi allgemeng Zuel vun de Schoulverweiser am Schouljoer 2021-2022 ugeet, schreift den Här Minister a senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 6453, datt dat Joer 286 Disziplinarréit (Conseils de discipline) an de Lëtzebuerger Lycéeën aberuff goufen; 209 Mol ass e Schüler doropshi vun der Schoul verwise ginn. Zu de Grënn, aus deenen dës Disziplinarréit aberuff goufen, gehéiert och, sou wéi et am Artikel 43 vum Lycéesgesetz (Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées) mentionéiert ass, de Besëtz vu Waffen.
>
> An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:
>
> 1) A wéi ville Fäll ass am Schouljoer 2021/22 ee Schüler wéinst Waffebesëtz vun der Schoul verwise ginn?
> 2) Gëtt de Ministère dovun a Kenntnis gesat, wa géint e Schüler ee Schoulverweis ausgeschwat gëtt? Verfüügt de Ministère deemno iwwert d'Donnéeë vun deem betreffende Schüler? Kann den Här Minister eis deemno matdeelen, esou wéi dat virgesinn ass bei enger parlamentarescher Fro, wéi d'Opdeelung vun den 209 Schoulverweiser sech gestallt no Geschlecht, Alter an Nationalitéit?
> 3) Wéi vill Schüler goufen 2021/22 pro Lycée verwisen? A wéi eng Lycéeë si se opgeholl ginn?
> 4) Wéi vill vun dëse Schüler goufe fir d'zweet oder fir d'drëtt Kéier vun der Schoul verwisen? Gëlle fir dës Schüler speziell Reegelungen, wat hire Schoulverweis ugeet?
> 5) Wéi eng Instanze ginn iwwer de Schoulverweis vun engem Schüler informéiert (souwuel am Lycée, vun deem hie verwise gëtt, wéi am Lycée, an deen hie verwise gëtt)?

6) Wéi gi Schüler, déi eng Geschicht vu Gewalt hunn, an der Schoul, an déi si verwise ginn, encadréiert bzw. en charge geholl?
7) Gëtt et am Kontext vum Schoulverweis vun engem gewaltbereete Schüler ee Virgespréich mat den Enseignanten, déi an der neier Schoul mat dësem Schüler direkt ze di wäerten hunn? Wéi ginn dës Enseignanten op hir Aufgab virbereet?
8) Gëtt et an deem Kontext een Informatiounsgespréich mat den Eltere souwuel vum betreffende Schüler wéi och vun deene Schüler, déi an der selwechter Klass si wéi hien?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten